N°2210
Entrée le 06.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2210 vum 10. Abrëll 2025 vum Här Deputéierte Jeff Engelen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert eng schwäizer Etude zum Verhale vun de Leit am Verkéier an iwwert d'Vitesslimitatiounen op der Autobunn zu Lëtzebuerg.

Déi Etude op déi den honorabelen Deputéierte verweist, ass eng Etude déi vum schwäizer Onlineportal Vignettesswitzerland.com realiséiert gouf. Dës Etude ass dem Mobilitéitsministère, genee wéi dem honorabelen Deputéierten och, nëmmen aus der Press bekannt. Den Onlineportal huet dës Observatiounen opgrond vun der Analyse vun den offizielle Statistike vun der europäescher Kommissioun iwwert d'Verkéiersaffer a vun Zuelen aus der ESRA3 Etude vum belsche VIAS Institute, dee bekannt ass fir seng Etuden am Beräich vun der Verkéierssécherheet, gemaach. Aus däser geet ervir, dass 471 Leit aus Lëtzebuerg am Alter tëschent 18 a 74 Joer un däser Ëmfro deelgeholl hunn, wat ongeféier 0,09% vun der Bevëlkerung duerstellt. Opgrond vun däser klenger Zuel vu Leit déi mat gemat hunn, muss déi statistesch Repräsentativitéit vun däser Etude a Fro gestallt ginn. De Mobilitéitsministère huet un däser ESRA3 Etude zwar deelgeholl, huet awer an deem Kader keng Zuelen zur Etude bäigesteiert. Wat d'Aussoe vun de Leit betrëfft, esou handelt et sech deemno och net ëm statistesch Zuelen déi fir dës Etude vu VIAS benotzt gi sinn, mee ëm dat wat d'Leit an enger Ëmfro uginn hunn.

Wat d'Consommatioun vun Alkohol ugeet, esou geet aus der Ëmfro net ervir ob d'Persounen, déi no eegenen Aussoen nach mam Auto fuere wann si eppes gedronk hunn, och tatsächlech de legal erlaabten Alkoholstaux iwwerschratt haten oder net. Dës Weidere kann de Ministère d'Aussoe vun de befrote Leit, si géifen sech net un d'Vitesslimitatiounen op den Autobunnen halen, statistesch weder bestätegen nach widderleeën.

D'Zuele vun de Verkéiersaccidenter zu Lëtzebuerg weisen allerdéngs säit Joren, dass et tatsächlech dës zwou Saache sinn, also den Alkohol um Steier oder eng ze héich Vitesse, oder eng Kombinatioun aus deenen zwee, déi d'Ursaach vu schwéieren an déidlechen Accidenter sinn. Dofir gesäit de Plan national Sécurité Routière 2024-2028, deen d'Regierung dat lescht Joer ugeholl huet och vir, dass d'Strofe fir dës zwou Infraktiounen emol sollen iwwerkuckt gi mat dem Zil fir dës besonnesch bei schwéieren Infraktiounen a bei Recidiviste méi streng ze maachen.

Wat e méiglecht Eropsetze vun der Vitesslimitatioun op den Autobunnen ugeet, esou ass dës Mesure weder am Regierungsprogramm virgesinn, nach ass se geplangt. Och wa statistesch gesinn eis Autobunnen déi sécherst Stroossen hei am Land sinn, esou géif eng méi héich Vitesslimitatioun e gewëssent Geforepotential mat sech bréngen a kéint domadder am Widdersproch zum Zil vun der Regierung stoe fir d'Zuel vun den Affer op eise Strooss laangfristeg ze reduzéieren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

D'Konfiguratioun an d'Geometrie vum Autobunnsreseau zu Lëtzebuerg, mat senge villen Echangeuren a kuerze fräie Strecken, entspriechen enger maximal zougeloossener Vitess vun 130 Stonnekilometer. Ausserdeem befanne sech op ville Streckenofschnëtter Tunnellen, déi aus Verkéierssécherheetsgrënn op 90 Stonnekilometer limitéiert sinn, fir d'Probabilitéit vu schwéieren Accidenter ze reduzéieren.

Doriwwer eraus huet Lëtzebuerg duerch seng wirtschaftlech Attraktivitéit an déi doduerch implizéiert vill Grenzpendler, zu ville Stonnen am Dag een héicht Verkéiersopkommes. Hei huet sech an der Praxis éischter erwisen, dat eng Reduktioun vun der Vitesslimitatioun zu de Spëtzestonnen sech souwuel positiv op d'Verkéierssécherheet, wéi och op de Verkéiersfloss auswierkt.

Lëtzebuerg, de 6. Mee 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes